# Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L.

ORGANISATION-MEMBRE DE LA F.V.N.E.F. LUX.

Secrétaire général:
~~FERNAND HURST~~
~~EHLERANGE~~
~~42, rue de Sanem~~
C. C. P. 313 24-90


Péiteng, ~~Luxembourg, le~~ den 6. Februar 1991.

Här Präsident,
Frënd a Komerod Jos. WEIRICH

<u>D i d d e l é n g.</u>

Dé nächste Kongress steet virun der Diir.

Wa mir nach göllen Spengelen wëlle verdeelen, da musse mir ons begannen an der bestellen. Bis haut ass nach keng Sëtzong an Aussicht fir eng Décisioun ze huelen.

Duerfir léen ech Dir déi nôdeg Ennerlaagen hei bei, da kanns Du nei Offerten u'frôen, an nô dengem Gutdünken och eng Commande maachen.

Mein actuellen Stock ass nach dé folgenden:

1 Ruban en or mat sûreté en métal doré;
75 Rubans en argent mat sûreté em métal argenté;
7 Sûretés en métal argenté.

Meng Frô fir d'Zukonft : Waat brauche mir nach am déne nächste 2 - 3 Joer ? Eng gudd Frô !

Rubans en or mat sûreté musse jô op alle Fall bestallt gi

Rubans en argent hu mir menger Ansicht nô nach genuch fir 2 - 3 Joer;

Sûretéen kënne mir eventuell 3o - 4o Stéck nôbestellen, eng Nôfrô heifun besteet ëmmer.

Zur Informatioun hei d'Präisser vun de Spengelen vun der leschter Sendung den 13.1o.89.:T.V.A. 12%, fräisen a port abegraff.
Or : 5.16o ; argent :765 ; Sûreté : 8o Frang.

Jos., bréng mir w.e.g. d'Ennerlaagen vum P.DEGREEF an der nächster Sëtzong erëm mat, fir a mein Dossier.

Well ech mir Gedanken fir d'Zukonft maachen, an kén am Comité an der Vergangenhét séch mat finanziellen, organisatoréschen technneschen Frôen vill befaast huet, ( et ass alles jô zimléch bis elô gut rondgelaaf ) beschäftégt huet, hätt ech dé Wonsch, an der nächster Comités-Sëtzong é Ponkt op den Ordre du Jour ( nët ënner DIVERS, et ass mir ze vill wichtég) ze setzen, an zwar:

An der nächster Assemblée Générale des Délégués musse mir jô fir 1992 all Décisiounen huelen an discutéieren; ewéi z.B.: nei Memberkaarten firgesinn; Tarifer fir d'Cotisatiounen an de Präis vun onsem "Bulletin " débattéieren; dén deiere Porto bei der Post hei am Land, an spéciell fir an d'Ausland a Betracht ze zéhen, Dréckereikäschten asw. (déi leschtErhégung humir 1978 fir 1979 vir-

geholl, an Zwar : d'Cotisatioun vun loo Frang fir de Bulletin op 12o Frang festgesaat, an d'Cotisatiounen fir d'Associatioun an d'Fédératioun vun 2o ( démols 15 a 5 Frang ) op 3o Frang ,( haut 2o Assoc. a lo Fédéeration) eropgesaat ); daat sin vun 1978 - 1992 gerechent genau 14 Joer, ouni den démolegen an dén heitegen Index mat abetracht ze zéhen, lächerléch Präisser, dén all Enrôlé, mat eierlechem Wëllen a Verständnis, missst a'gesinn. Wann daat nët de Fall ass, gesinn ech nët an, datt de puer Leit an onse Comitéen séch nach vill mitt a krank maachen, an hir lescht Liewensjoeren fir sech selwer an hir Famill, opferen, zwar fir eng Cause , déi et bis haut trotdém wert war, mais wann én dén neie Schwindel am Golfkrich haut ërem verfollégt, da geseit én datt d'Kapital an d'Politik,Grössenwahn a Muecht déi selwegt Zieler sin, ewéi démols. Mir sin a bleiwen déi domm.

Ech kënnt nach weiderfueren mat mengen Gedanken an Iwwerléiungen, mais et ännert dach nët fill dorun.

Jos., ech schlëssen an hoffen, ons esou bâl erëm ze gesinn zu Hollerich, a wënschen, Dir an dénger Frâ an denger Familie all Guddes a schéi Gréiss bis dohin

de Mill NOëL

Noël

eng annexe